# Wann d'Gemeng sech op d'Chrëschtzäit virbereet…

Wärend d'Lena Gries doheem nach mat hire Kanner d'Schoulsaache fir d'Rentrée preparéiert, fänkt fir hatt am Büro schonn eng ganz aner Aarbecht un. Als Haaptorganisatrice vum Nidderaanwener Chrëschtmaart, ënnerstëtzt vun enger ganzer Rëtsch Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus bal alle Servicer vun der Gemeng, geet et fir hatt schonn am Spéitsummer lass, fir dëst grousst Event ze plangen, dat sech iwwer d'Joren zu engem feste Bestanddeel vum Eventkalenner vun der Gemeng entwéckelt huet.

Villes muss scho mat Zäiten organiséiert ginn: d'Holzchalete fir déi verschidde Stänn, d'Chrëschtbeemercher déi den Haff rëschten, d'Beliichtung an a ronderëm d'Gebaier an den transparenten Iwwerdaach, deen och bei méi onbestännegem Wieder fir eng agreabel Atmosphär suergt. Dëst Joer feiert de Chrëschtmaart seng véiert Editioun.

Scho bei der éischter Editioun ware ronn 18 Veräiner a Clibb dobäi – eng Zuel, déi zënterhier kontinuéierlech geklommen ass. De Chrëschtmaart fënnt och dëst Joer nees am Haff tëscht der Märei an dem Centre polyvalent „A Schommesch" statt. D'Decisioun, „A Schommesch" an de Plang mat opzehuelen, gouf zimmlech séier getraff, net nëmme wéinst der méi grousser Fläch, mee och wéinst den Infrastrukturen, déi d'Organisatioun wesentlech vereinfachen. Besonnesch den Theatersall „A Schommesch" spillt dobäi eng zentral Roll: Freides a samschdes stellen do Hobbykënschtler hir handgemaachte Wierker aus – Stécker aus Holz, Stoff oder anerem Material, all eenzegaarteg a mat vill Léift zum Detail.

Sonndes iwwerhëlt dann d'Schoul de Sall an d'Kanner presentéieren hir selwer gebastelt Dekoratiounen, déi si mat vill Asaz an de Klasse virbereet hunn. Wat fréier als Sandmäertchen all zwee Joer am „Loisi" organiséiert gouf, ass mëttlerweil e festen Deel vum Chrëschtmaart. Eng Zesummenaarbecht déi net nëmmen e kreative Bäitrag duerstellt, mee och vill Familljen op de Chrëschtmaart bréngt. Nieft dem Sandmäertchen suergen d'Kanner och all Joer fir eng flott musikalesch Stëmmung. D'Schoulcyclë wiessele sech of a sangen eng Rei u schéine Chrëschtlidder, woumat si fir eng gutt Stëmmung suergen an de Leit e klenge Virgeschmaach op déi besënnlech Zäit bereeden.

Nieft de vertraute Bestanddeeler vum Chrëschtmaart probéiert d'Lena awer och all Joers nei Iddie mat eranzebréngen. Besonnesch am musikalesche Beräich setzt hatt op Ofwiesslung, fir e Programm ze gestalten, wou fir all Goût eppes ze fannen ass. Sou war d'lescht Joer d'Kannerband ICE CLIC mat um Programm, an där och e jonken Awunner aus eiser Gemeng matmécht. Fir si war et deemools hiren éischte groussen Optrëtt – ëmsou méi freeë mir eis, dass si och dëst Joer erëm mat dobäi sinn! De Kleesche wäert de 6. Dezember och erëm op Besuch sinn a fir Freed bei de Kanner suergen. Nei dobäi ass dëst Joer de lokalen Danzveräin IDEA, wou d'Kanner d'Bün dobausse mat vill Danz a Rhythmus wäerte fëllen.

D'Organisatioun vum Chrëschtmaart ass eng richteg Teamleeschtung. Och wann d'Lena déi ganz Organisatioun vum Event koordinéiert, betount hatt, dass esou en Evenement nëmmen zesumme mat enger breet opgestallter Ekipp aus verschiddene Gemengeservicer méiglech ass*: „Et ass all Joer esou schéin ze gesinn, datt ech mech zu 100 % op all Eenzele verloosse kann, dee mat genee sou vill*

*Begeeschterung an Äifer dobäi ass wéi ech. De Chrëschtmaart ass quasi dat lescht grousst Event am Joer, dat d'Gemeng organiséiert. Et gëtt nach eemol all Energie a Kraaft dra gesat, fir de Biergerinnen, Bierger an alle Visiteuren e schéine Moment zu Nidderaanwen ze bidden."*

Bal all Déngscht vun der Gemeng ass op déi eng oder aner Manéier involvéiert, an dat mécht de Chrëschtmaart zu engem richtege Gemeinschaftsprojet. D'Elektriker suerge fir eng stëmmungsvoll Beliichtung, déi de Maart an e festleche Kader setzt. De Gäertnerdéngscht këmmert sech mat vill Suergfalt ëm d'Gréngs an d'Dekoratioun, déi fir déi richteg Ambiance suergen. D'Ekipp vum Sekretariat këmmert sech ëm d'Koordinatioun mat de Veräiner, fir déi vill flott Stänn ze garantéieren. D'Kommunikatioun ass responsabel fir d'Publikatiounen an d'Verbreedung vun den Informatiounen un d'Bierger. Ouni d'Veräiner an d'Clibb, déi all Joer bereet sinn, um Chrëschtmaart dobäi ze sinn an d'Holzchalete grad wéi de Foyer „A Schommesch" – sief et mat Iessen a Gedrénks oder mat Dekoratiounen, déi perfekt an d'Chrëschtzäit passen – ze fëllen, wier de Maart net esou lieweg a beléift, wéi en all Joer ass.

D'Vertrauen, d'Koordinatioun an d'Engagement vun all den Acteuren maachen de Chrëschtmaart zu deem wat en ass: e liewegt, villfältegt Fest, dat d'Leit zesummebréngt an d'Gemeng als Gemeinschaft reflektéiert. Dëst Joer weist sech de Chrëschtmaart och mat enger neier visueller Identitéit. *„Et war eis wichteg, dem Design e perséinlechen Touch ze ginn, fir dass et net einfach wéi en allgemenge Chrëschtmaart-Design ausgesäit, mee kloer mat Nidderaanwen verbonnen ass"*, esou d'Lena. Wann Dir also an den nächste Wochen duerch d'Stroosse vun der Gemeng fuert, kuckt Iech gären d'Banner an d'Fändelen un – villäicht erkennt Dir jo dat eent oder anert vertrauten Element.

Wann d'Chrëschtluuchte blénken, de Glühwäin dämpt an d'Musek ronderëm d'Gemeng schallt, dann ass kloer: Et ass nees Chrëschtmaart zu Nidderaanwen! Dofir sidd och Dir dëst Joer nees dobäi.

